N°4541
Entrée le 27.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24 Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

An Irland soll een neit nationaalt Strofregëster dokumentéieren, wien sech duerch haislech Gewalt strofbar gemaach huet. Dat besonnescht un dësem Regëster ass, datt e wäert ëffentlech zougänglech sinn. Wei an der internationaler Press ze liesen, ass des Initiativ op den tragesche Fall vum Jennifer Poole zeréckzeféieren, enger 24-Järeger Mamm vun zwee Kanner, déi 2021 vun hirem Partner ermort ginn ass. E Partner, deen sech schonns an der Vergaangenheet wéinst haislecher Gewalt un Ex-Partnerinne strofbar gemaacht hat. Mee dat wosst d'Jennifer Poole deemools net.

Dat neit Regëster soll dofir d'Nimm vun de Persounen opgelëschten, déi bestrooft gi sinn e.a. wéinst Vergewaltegung, sexualen Iwwergrëffer, Belästegungen oder nach duerch d'Verbreedung vun intime Videoen ouni d'Zoustëmmung vum Affer. Et gëllen Oplagen, ënnert anerem, datt e Riichter iwwert d'Publikatioun decidéiere muss, an datt och d'Victime enger Publikatioun vum Numm vum Täter zoustëmme muss. No dräi Joer kann den Täter froen, fir erëm aus dem Regëster geläscht ze ginn.

Zill vum Regëster ass et potentiell Affer ze schützen an hinnen d'Méiglechkeet ginn ze wëssen, op hire Partner eventuell an der Vergaangenheet wéinst haislecher Gewalt bestrooft ginn ass.

An dem Zesummenhang géif ech gär d'Madamm Ministesch froen :

- Wei beurteelt d'Regierung déi iresch Initiativ vun engem publicke Strofregëster fir Auteure vun haislecher Gewalt ?
- Wei steet d'Regierung par Rapport zu der Aféierung vun esou engem Regëster zu Lëtzebuerg ?
- Falls d'Regierung net wéilt op de Wee vun sou engem Regëster goen, duerch wei eng Mesure gedenkt se géint d'haislech Gewalt zu Lëtzebuerg virzegoen?

Mat déiwem Respekt

Taina Bofferding
Députéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu